CSV
FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Deputéiertechamber**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 FEV. 2019
332

**Lëtzebuerg, den 06. Februar 2019**

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden:

2006 huet di deemoleg Regierung en eicht Anti-Tubak Gesetz gestemmt. 2017 koum dunn en zweet Gesetz wat d' Gesetz vun 2006 nogebessert an och eng europäesch Direktiv ëmgesat huet.

Vu dat d`Fëmmgesetz elo säit 12 Joer akraaft ass, wollte mir an dësem Kontext folgend Froen un d'Ministere stellen:

- Laut Aussoen di am Kader vum Debat public iwwert d'Fëmmen op Terrasse gemaach goufen, gëtt op ville Schoulcampussen d'Fëmmverbuet net respektéiert. Kann de Minister dëst bestätegen? Wann jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?

- Am nämmlechten Debat publique gouf opgeworf dat reegelméisseg virun den Haaptentréesdieren vu Spideeler gefëmmt gëtt, an dëst trotz engem Fëmmverbuet-Schëld. Kann de Minister dëst bestätegen?
  Wann jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?

- Wéi vill Police-Kontrolle si generell scho gemaach ginn am Kader vum Anti Tubak's Gesetz an wéi vill Léit goufe scho protokolléiert well se sech net un d'Gesetz gehalen hunn?

Mat déiwem Respekt,

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 MARS 2019

Luxembourg, le 14 mars 2019

**Réf. :** 82axb5d41

**Concerne**: Question parlementaire n° 332 du 6 février 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et du soussigné à la question parlementaire n° 332 du 6 février 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Loi antitabac".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr le Ministre de la Santé,

Laurent JOME
Premier conseiller de gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 332 du 6 février 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Loi antitabac".**

---

*Laut Aussoen di am Kader vum Debat public iwwert d'Fëmmen op Terrasse gemaach goufen, gëtt op ville Schoulcampussen d'Fëmmverbuet net respektéiert. Kann de Minister dëst bestätegen? Wann jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?*

D'Anti-Tubaks Gesetz verbitt d'Fëmmen esou wéi och d'Vapotéieren a sämtleche Schoulgebaier. Dëse Verbuet applizéiert sech op de gesamte Schoulberäich, ewéi de Schoulcampus respektiv och de Schoulhaff.

Et ass extrem wichteg, dass d'Anti-Tubaks-Gesetz grad an der Schoul, mat der hirem erzéiereschen Optrag an hirer Virbildfunktioun, muss agehale ginn.

Och wann am Ament dem Educatiounsministère keng Schoul bekannt ass, wou d'Virschrëften net agehale géifen, ginn nawell déi Aussoen an der Petitiounskommissioun ganz eescht geholl an den Educatiounsministère wäert e Rappel vum Gesetz u sämtlech Schouldirektioune verschécken.

*Am nämmlechten Debat publique gouf opgeworf dat reegelméisseg virun den Haaptentréesdieren vu Spideeler gefëmmt gëtt, an dëst trotz engem Fëmmverbuet-Schëld. Kann de Minister dëst bestätegen? Wann jo, wat gedenkt de Minister dogéint ze ënnerhuelen?*

D'Anti-Tubaks Gesetz verbitt och d'Fëmmen an d'Vapotéieren bannen an de Spideeler awer och am ganzen Ausseberäich vun de Spideeler. Allerdéngs ass d'Fëmmen an d'Vapotéieren a speziell ageriichte Fumoire bannen am Spidol erlaabt (niewent engem Fumoir an der zouener Psychiatrie kann all Spidol e Fumoir virgesinn), souwéi an der sougenannter Fëmm-Zone déi all Spidol am Ausseberäich kann amenagéieren.

D'Spideeler hunn iwwerall am Gebai a virun hiren Entréeë, an zemol den Haaptentréeën, Schëlder opgestallt dass et verbueden ass ze fëmmen am Gebai wei op hirem Areal. Et kann ee behaapten dat hautzedaags net méi am Spidol gefëmmt gëtt, mee et ass wouer, dass een virun de Spideeler, an dat trotz de speziell ageriichte Fumoire, nach ëmmer Leit gesäit do fëmmen, obwuel et net erlaabt ass.

D'Direktioun vun der Santé ass dofir och an enkem Kontakt mat de Spideeler fir mat hinnen zesummen ze definéieren wat fir Moossnamen ergraff musse ginn fir d Situatioun ze verbesseren.

D'Spidolsdirektioune si sech och der Problematik bewosst an hunn hiert Sécherheetspersonal ugewisen, z'intervenéiere fir d'Anhale vum Fëmmverbuet ze garantéieren.

Fir de Fall wou di präventiv Mesuren awer net sollten duer goen, da muss op repressiv Moossnamen zeréck gegraff ginn, esou wéi d'Gesetzgebung se virgesäit.

Hei sief och nach eemol un de Regierungsaccord erënnert, dee virgesäit, dass de Kampf géint den Tabagismus weidergefouert gëtt an dass op e strikt Anhale vun de bestoenden legale Verbueter insistéiert gëtt.

*Wéi vill Police-Kontrolle si generell scho gemaach ginn am Kader vum Anti Tubak's Gesetz an wéi vill Léit goufe scho protokolléiert well se sech net un d'Gesetz gehalen hunn?*

Zréckgekuckt op déi lescht 2 Joer huet d'Police insgesamt 35 Protokoller am Kader vun diverse Verstéiss géint d'Anti-Tubak-Gesetz opgeholl (2017: 15 / 2018: 20).

Desweideren goufen an deem selwechten Zäitraum 13 Avertissements taxés vu jeeweils 24.- € ausgestallt (2017: 3 / 2018: 10). Et gouf keen Avertissement taxé op engem Schoulcampus ausgestallt, dofir awer 1 am Joer 2018 an engem Spidol.